

# LËTZEBUERGER VETERINÄR- A LIEWENSMËTTELVERWALTUNG (ALVA)

**D'Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA)** ass d'Verwaltung, déi fir d'Sécherheetskontroll vun der Liewensmëttelketten a fir d'Veterinärkontroll zu Lëtzebuerg zoustänneg ass.

Zousätzlech gëtt d'ALVA zum zentrale Kontaktpunkt fir d'EFSA (European Food Safety Authority) zu Letzebuerg.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire

## Wat sinn d'Missioune vun der ALVA?

Souwuel um lëtzebuergesche Marché, wéi och beim Import an Export, ass d'**ALVA déi eenzeg Verwaltung, déi fir déi offiziell Kontrolle** betreffend d'Sécherheet a Konformitéit vun der Liewensmëttelketten zoustänneg ass:

- Kontroll vum Déiereschutz an der Gesondheet vun den Déieren;
- Kontroll vu Fuddermëttel;
- Kontroll vu Liewensmëttel;
- Kontroll vu Materialien a Géigestänn, déi mat Liewensmëttel a Kontakt kommen.

Zousätzlech gëtt d'**ALVA zum zentrale Kontaktpunkt fir d'EFSA (European Food Safety Authority) zu Letzebuerg**.

An dësem Kader féiert et **Kommunikatiounscampagnen** duerch, fir d'Lëtzebuerger Konsumenten iwwer gutt Praktiken ze informéieren, a huelt u villen europäesche Projeten deel, besonnesch am Beräich vun der **Risikobewäertung**.

## D'ALVA kontaktéieren

Fir Froen kënnt Dir eis kontaktéieren:

**@ per E-Mail**
info@alva.etat.lu

**oder per Post**
7, rue Thomas Edison
L-1445 Strassen

Fir méi Informatiounen, besicht de Portal fir Liewensmëttelsécherheet oder de Landwirtschaftsportal

**www.securite-alimentaire.lu**

**www.landwirtschaft.lu**

Fir offiziell Liewensmëttelalarmer ze kréien, abonnéiert Iech.

Follegt eis op LinkedIn